SUSTAINABLE
ENTREPRENEURIAL
SCHOOL

# SES DAY 23.10.2023

**Foire fir Enseignantë @ Centre de Conférences vum MENJE an am Schapp 17, Rives de Clausen**

**Ab 14:00** ass déi traditionell Foire vun de Partner déi haaptsächlech op den Echange tëscht den Enseignanten an de Partner ausgeluecht ass. D'Aktivitéite vum Partner gi presentéiert an et ass och d'Zäit fir en Echange iwwert dat lescht Schouljoer a fir nei Aktivitéite fir d'Joer 23/24 ze plangen.

**Umeldung w.e.g individuell iwert de QR Code op der Invitatioun.**

**Rallye fir SchülerInnen @Centre de Conférences vum MENJE an am Schapp Rives de Clausen**

**Accueil um 14:00, um 14:30 geet de Rallye an de Rives de Clausen am Schapp lass.** Dëse riicht sech virun allem u SchülerInnen a Schüler **ab 4e** déi fir hiren Engagement am Projet solle belount ginn. Op verschiddene Statioune ronderëm de Site vum MENJE an de Rives de Clausen kënnen si weisen, wéi gutt si sech an de Beräicher Entrepreneuriat, Nohaltegkeet, finanziell a wirtschaftlech Allgemengbildung oder Orientéierung auskennen a wéi ausgeraift hier Kompetenzen am Beräich: Kommunikatioun, Kreativitéit, Kollaboratioun a Kritesch Denke sinn. **All Entrepreneurial School stellt een Team mat maximum 6 SchülerInnen a Schüler.** Dëst Team trëtt op all Statioun am 15 Minutten Takt géint en anert Team un. Bei dësem Rallye steet de Spaass an d'Interaktioun am Vierdergrond.

**All Schüler dee wëll matmaache muss sech individuell iwwert de QR Code an der Invitatioun umellen.** De Coordinateur vum Projet Sustainable Entrepreneurial Schools kritt de 17.10 eng Lëscht mat de SchülerInnen déi ugemellt sinn.

**Labelvegabe am Schapp 17, Rives de Clausen**
Nom Rallye an der Foire geet den Event géint 17:00 iwwer an déi offiziell Labelvergab déi dës Joer a méi engem labbere Kontext am Schapp stattfënnt.
Op dëser Labelvergab gi d'Schoulen ausgezeechent fir hiren Engagement am Projet Sustainable Entrepreneurial Schools, d'Rallye Gewënner gi gekürt an et ass Geleeënheet no dem offiziellen Deel op dat lescht Schouljoer unzestoussen. Direktiounen, Coordinateuren an Enseignanten Schüler a Schülerinnen aus de respektive Lycéeen an d'extern Partner sinn härzlech wëllkomm.

**Umellung fir d'Labelvergab ab 17:00 ass och obligatoresch iwert den QR Code an der Invitatioun.**